Bis zum 10. Mai in Heiderscheid

Photographischer Rückblick auf

75 JAHRE „HEISCHTER MUSIK"

und

40 JAHRE „SYNDICAT D'INITIATIVE"

Die Vernissagefeier der sehenswerten Photoausstellung, die dieser Tage im Gemeindesaal in Heiderscheid im Rahmen der Festlichkeiten „75 Joer Heischter Musik" und 40 Jahre „Syndicat d'initiative" Heiderscheid eröffnet wurde, gibt den beiden Ortsvereinen die Gelegenheit die Geschichte von der Entstehung bis heute zu belichten. Nach seinen Willkommensgrüssen und Dankesworten ging Präsident Serge Hermes auf die gemeinsame Photoausstellung mit interaktiver Videoprojektion ein um in diesem Sinne das Vergangene sowie das Geleistete Revue passieren zu lassen. Photo-

aufnahmen sind neben Erzählungen von Zeitzeugen, selbst die beste Dokumentation des Erlebten. So stehen hinter jeder Aufnahme, verschiedene Sorten von Charakter und Gesten dazu jede Menge von Geschichten, Anekdoten und Ausdrücke aus vergangener Zeit. 75 Jahre „Heischter Musik" heisst aber mehr als ein historischer Rückblick zu schaffen sondern es beweise wie wertvoll eine positive Zusammenarbeit im Bereich des Vereinslebens darstellt. Auch SI-Präsident Fernand Kirsch ging auf die Enstehung des lokalen Syndikates ein die in der Zeit des bekannten „Gromperefestes" in Heiderscheid seinen Ursprung fand und in den Jahren danach zur Fortführung der Aktivitäten in der Ortschaft neben der Dorfverschönerung auf kultureller wie auch touristischer Ebene sich sicherlich als fester Bestandteil in der Gemeinde behaupten kann. Beim Ehrenwein würdigte Bürgermeister Marco Schank die wertvolle Arbeit beider Ortsvereine die im Dorfgeschehen von grosser Bedeutung seien. Sie verdienen Dank, Respekt und Anerkennung. Nach seinen Glückwünschen an beide Jubilargesellschaften hob er die Wichtigkeit dieser Photoausstellung hervor. Es sei dies die beste Gelegenheit dem Publikum das Vereinsgeschehen näher zu bringen. Zu bewundern sind ältere und zeitgemässe Aufnahmen von Veranstaltungen, Theateraufführungen, Primizfeiern, Konzerten, die Dorfleute bei der Arbeit, das Leben während der Primärschulzeit, das Geschehen am „Heischter Maart", Vereinschroniken, Literatur, Briefe, Instrumente, Uniformen, Fahnen sowie Landschaftsaufnahmen von Heiderscheid, Dirbach, Tadler und Ringel. Die Ausstellung im Gemeindesaal in Heiderscheid ist bis zum 10. Mai an folgenden Tagen geöffnet: Mittwochs und Freitags jeweils von 18 bis 21 Uhr sowie Samstags und Sonntags jeweils von 15 bis 18 Uhr. Der Eintritt ist frei.

CR

(Photo: Charles Reiser)

HEISCHTER MUSIK AM JUBILÄUMSJOER

Den Ufank vum Jubiläumsjoer 2004 war eigentlech schonns den 20. Dezember 2002, wou déi éischt Versammlung vum Komitee élargi ofgehal gouf. Als Member vun dem Komitee ass mir op eemol bewosst ginn, dass ech ouni et ze mierken e groussen Deel vun deene 75 Joer materliewt hunn. Mat bal 30 aktive Joer an der Heischter Musik, gehéieren ech mëttlerweil och zu deene gestanene Musikanten. Dat ass mir spéitstens bewosst ginn, wéi mir an enger Komiteesversammlung déi al Fotoen zortéiert hunn mat Musikanten drop wéi Einsweiler Josy, Feinen Roby, Glodé Mich, Hoffmann Paul, Keiser Demy, Kirsch Emile, Mailliet Jempy, Majerus Alfred, Welter Mich an Wiseler Jäng (fir nëmmen déi ze nennen). Well wéi ech als Kand mat 9 Joer an d'Musik agetrueden sinn, stung ech niewt all deene profiléierte Männer a Fraen. Et waren nämlich mam Hermes Francine a Peters Agathe och schonns déi éischt Dammen aktiv an eiser Gesellschaft.



D'Feieren goufen opgemaach den:

- 31. Januar 2004 mam Galaconcert

Hei sutzen 44 Musikanten a Musikantinen um Pult an hunn déi Stécker mat Genoss an der néidiger Schmassegkeet gespillt, déi sie wärend 4 Méint ageprouwt haten. Bei dësem Concert gouf och eis erweidert Brochure un all Visiteur ausgedeelt. Heiran hu Dir de Programm vun de Festlechkeeten, d'Opzielung vun allen Donateuren a Sponsoren an och eng Zesummefassung vun der Chronik vun der Jubilarin fond. Déi Leit, déi nach un dëser Brochure interesséiert sinn, kënnen déi beim Sekretär vun der Musik „Kirsch Fernand" bestellen.

- Fuesend zu Dikkrich an Oudler (an der Belsch)

Wéi et déi lescht Joeren Brauch war, sinn e puer eiser Musikanten mat der Hareler Musik op Dikkricher Cavalcade „den Iesel rauslosse“ gefuer an duerfir hunn Sie eis mat e puer Männlein a Weiblein zu Oudler verstäerkt. De ville Spaass a Freed, déi dat hinne gemaach huet, ass op ville Fotoen ze gesinn, ma déi sinn leider …... der Zensur zum Affer gefall.

- 02. Abrëll 2004 Concert vun der East Belgian Swing Band

Déi Band, déi ënnert der Leedung vun hirem musikalischen Direkter, dem Guido Jardon spillt, war een absoluten Héichpunkt vun eise Feierlechkeeten. D'Heischter Musik hat virum Galaconcert 2003 d'Éier eng Prouf ënnert der Direktioun vum Här Jardon ze spillen. E Musiker, deen zu der éischter Garde vun de belsche Solisten gehéiert, souwuel an de Beräicher Klassik wéi Jazz. Wéi erkläert et sech, dass sou ee Mann sech op Heischent veriert fir eis Musik bäizebrengen? Ma zu der Zäit war eisen Dirigent, Thomas Meunier, Schüler vun engem gewësse Professer Guido Jardon.

Déi 3 eelst Exmusikanten déi op deem schéinen Daag des Anciens vertrueden waren. Vun lénks no riets: Barthelemy Marcel, Einsweiler Josy an Kirsch Emile.

- 23. Abrëll bis 10. Mee 2004 Fotoausstellung

Dës Ausstellung gouf an Zesummenaarbecht mam Syndicat d'Initiative vun Heischent organiséiert. Ganz vill Aarbecht gouf an deene Méint virdrun vun den 2 Komiteën gemaach, fir déi al Biller bei d'Leit heem sichen ze goen, se ze katalogiséieren, an de Computer eranzescannen a virunzeverschaffen. Duerno gong et bei de Fotograf an 292 Fotoen konnte mir an der Ausstellung présentéieren. D'Resultat war kuckeswäert.

Hei goufe 75 respektiv 40 Joer kulturell a verschéinernd Wierken am Duerf vun der Musik a vum Syndicat ausgestallt. Virun allem ass mat dëser Aarbicht séchergestallt ginn, dass d'Fotoen an d'Geschicht vun der Heischter Musik deene kommende Generatiounen erhale bleiwt.

- 09. Mee 2004 Journée des Anciens

Rendez-vous war um 10:30 Auer bei der Sportshal, a vun hei aus si mir zesummen am Cortège an d'Kierch gang, wou eng Mass fir all lieweg a verstuerwe Musikante mam Här Paschtouer Marco Wehles gefeiert gouf. Den Apéritif mat Mëttegiessen gouf op de schéi gerëschten Dëscher an der Sportshal zerwéiert, wou mir musikalisch vun der „Ettelbrécker Strëpp" a vun der „Fun-Brass Band" begleet goufen. Als Merci fir 40 Joer Dirigent a fir direkt e puer Generatiounen vu Musikanten, déi duerch heen d'Musikshandwierk geléiert hunn, krut den Här Wagner Paul eng Skulptur mam Logo 75 Joer iwerreecht.

- 29. Mee 2004 Musikalischen Owend mat den Nopeschmusiken Feelen, Wahl, Mertzig, Eschdöerf, Esch-Sauer an Heischent

Hei lung d'Erausfuerderung doranner fir 6 Musiksgesellschaften zesummen un d'Pult ze bréngen, 6 Dirigenten d'Stécker mat hiren Musiken aprouwen ze loossen a duerno 140 Musikanten vun engem Dirigent an 3 Prouwen zu enger Eenheet zesummen ze formen. An d'Resultat oder besser gesot de Klank war grandios.

- Ausflug un de Stauséi mat Grillen an Tour mam Solarboot

Am Hierscht hat d'Musik all d'Musikanten an déi Leit, déi am Laf vum Joer eng Hand mat ugepaakt haten, op Ënsber op ee Fierkel um Spiiss invitéiert, wat wonnerbar präparéiert war a grad esou gudd geschmaacht huet. Duerno gouf fir ze verdauen ee Spadséiergank op de Buerfelt gemaach an zeréck gung et iwwert de Stauséi mat der Sonnekraaft; dat heescht mam Solarboot. Wärend der Fahrt krute mir den Undriffsystem erkläert, an et war schéin, d'Landschaft mol eng Kéier vum Waasser aus ze gesinn.

D'Festlechkeeten sinn eriwwer an eise Veräin plangt a prouwt fir den Gala 2005, wou Dir elo schonns alleguer häerzlech invitéiert sidd. Opwuel all Joer ee Jubiläumsjoer ass, gëtt awer normalerweis nëmmen all 25 Joer méi grouss gefeiert. Ech wënschen der Fanfare Ste Cécile Heischent, dass si och déi Zeit gudd iwersteet, an dass vill nei awer och heiteg Memberen deen 100sten wäerte matfeiere kënnen. An deem Sënn, loost eis nach oft mat Freed a Begeeschterung den Hämmelsmarsch an eise schéinen Dierfer blosen.

Text: Majerus René

Photoen: Glodé Jean-Marie, Majerus René, Peters Hans, Sliepen John, Wallers Bern